


Den Flyfishing Club aus Lëtzebuerg war dëst Joer eng zweeten Kéier an d´Vogesen gefuer fir um Lac de la Moselotte zu Saulxures mat der Méck ze fëschen. Nodeems den Club schonn ewéi all Joers am Fréijoer eng Sortie dohinner hat, wollten mir elo eng Kéier am Hierscht dohinner fueren ewell eis enger säits den Site ganz gutt gefält mee den Haaptgrond war dass mir wollten wëssen op d´Fëschen, de Summer iwwer dierf jo net mat der Méck gefëscht ginn, am Hierscht besser wär ewéi dat am Fréijoer de Fall war. Mir haten et wonnerbar erwëscht mam Wieder, déi ganzen Zäit huet d´Sonn geschéngt, d´Bëscher waren schonn gefierft, eben esou ewéi et soll am Hierscht sinn.



















Mir waren zu 10 Memberen ugetrueden fir dräi flotter Deeg an de Vogesen ze verbréngen leider hat et am Virfeld schonn ee puer Onannehmlechkeeten ginn esou dass mir schonn hunn missen am Virfeld Freides Owes den Restaurant reservéieren ewell mir soss keng Plaz méi kritt hätten an Samschdes Owend war den Restaurant schonn komplett ausgebucht esou dass mir eis dunn hunn

missen aneschters organiséieren an eis fir deen Owend an och fir Mëttes hunn missen eppes mathuelen fir ze iessen. Och Moies fir Kaffi ze drénken war keng Plaz méi mee glécklecher Weis war den Eugéne an seng Fra schonn Donneschdes ugereest an haten een Dësch fir Moies reservéiert an esou konnten déi Aner sech dunn do dobäi setzen. Mat deem Wëssen mussen mir eis fir déi nächsten Kéier aneschters organiséieren an schonn am Virfeld kucken fir esou Problemer op der Plaz ze evitéieren andeems dass mir direkt vun Doheem aus Alles reservéieren.












War d´Wieder och nach esou schéin esou war d´Fëschen leider net méi einfach ewéi dat schonn am Fréijoer op deier Plaz de Fall war, ech géif ze guer mengen dass nach manner Fësch gefaangen ginn sinn an am Fréijoer war et schonn ganz schwéier. Natierlech hunn mir ee puer Fësch gefaangen an ze guer ganz schéin Forellen an et huet een och gesinn dass Fësch do waren mee ass et dat ze vill do geféscht gëtt oder waren et aner Grënn jiddwerfalls hunn eis Fëscher sech schwéier gedoen an eis Erwaardungen an déi Richtung sinn net erfëllt ginn. Wat awer ëmmer erëm een gudden Grond ass fir dohinner ze fueren ass dat et een schéinen Site ass an dass een, och wann dëst Joer d´Organisatioun vum Iessen net geklappt huet, och op deier Plaz ëmmer d´Gefill huet dass een Wëllkomm ass wat mir vun aneren Plazen net kënnen behaapten esou dass et och ëmmer méi schwéier gëtt d´Sortien ze organiséieren. Eis Fëscher haten sech schonn am Virfeld vill Gedanken gemaach ewéi Sie d´Fëschen wollten ugoen an ze guer eisen President hat zwou Staangen preparéiert wat schonn esou zimmlech Alles veréit ewéi motivéiert Hien war, Mir sinn dunn och dat Ganzt mat vill Elan ugaangen mee keng vun den Methoden, op mat der dréchener Méck, mam Streamer oder mat der Nymph, op mat der dréchener Schnouer, der Intermediate oder der Sinkschnouer, keng vun den genannten Methoden hat op Dauer Erfolleg

villméi huet ee mol Een eng mam Streamer gefaangen wärend deen Aneren mat schwaarzen Keefer erfollegräich war mee esou richteg erausfonnt hunn mir awer net wat goen sollt.

Sonndes Moies war dunn Moies den Niwwel nach um Waasser, dat war een flotten Moment wou ech och mat ee puer Fotoen dokumentéieren wëll, ze guer dunn waren eis Fëscher schonn um Dill an hunn direkt no Sonnenopgäng ugefaangen mat fëschen mee Een war do schonn vill méi laang do an hat sech déi beschten Plaz eraus gesicht.





Et ass trotzdeem eng Sortie gewiescht déi ech an gudder Erënnerung wäert behalen, och wann net Alles geklappt huet esou ass et dach wonnerschéin an de Vogesen an esouwuel fir eis Fëscher ewéi och fir eis Begleedungen  déi net fëschen kënnen d´Vogesen dach esou munesches opweisen esou befannen sech an onmëttelbarer Noperschaft den Saut du Bouchot, een wonnerschéinen Waasserfall oder och nach deen gréissten Waasserfall aus de Vogesen d´Cascaden vun Tendon. Besonnesch schéin sinn och d´Bierger ronderëm d´Vogesen esou z.B. den Hohneck wat den drëtt héchsten Bierg aus den Vogesen mat 1363 meter ass. Alles an Allem hunn d´Vogesen fir

Jiddereen eppes ze bidden an wann een dann och nach d´Méiglechkeet huet an den charmanten Chaleten fir wéineg Gelt de Weekend ze verbréngen dann bleift eigentlech nëmmen nach d´Wieder dat mir jo bekanntlech net beaflossen kënnen an dat ass och gutt esou.



